

## Konditiounen

### Sprangschlass mat Transportunhänger



D' Sprangschlass mat sengen Accessoires steet transportabel op enger Remorque.

- Opbauplaatz: max. 10,0 x 10,0 x 4,8 m
- Gewicht vum Sprangschlass 150 kg
- 1 Loftgebléiss : 1,1 KW/h - 220V
- 2 Batschen fir ënnert d' Sprangschlass zeleeën je 5 x 10m
- 1 Transportbatsch fir d' Sprangschlass anzepacken
- Eng Grauchsweisung
- P.S.: d' Remorque huet een 7-poligen Stecker

#### Konditiounen fir d' Locatioun

- **Maximal 12 Kanner tëscht 4 a 14 Joer duerfen op d' Sprangschlass**
- Präis vum Sprangschlass selwer afhuelen: **130€ den Dag** oder **200€ de Weekend** (2 Deeg)
- Fir d'Opriichten kommen **50€** Onkäschten derbäi.
- Fir d'Ofriichten kommen **50€** Onkäschten derbäi.
- D' Locatiounskäschten mussen am virus bezuelt ginn. (BCEE IBAN LU65 0019 7755 3591 5000)
- Fir d' Sprangschlass ze réserverieren muss déi 3. Säit ausgefüllt an ënnerschriwwen zeréck gescheckt ginn. ( z.B. per Mail)
- D' Sprangschlass mat den Accessoires ass am gudden Zoustand. Am selwechten Zoustand muss d'Sprangschlass mat sengen Accessoires och nees zeréck bruecht ginn. Dat heescht, ouni dass eppes feelt, futti, verknascht oder naass ass.
- De Locataire ass verpflichtet den Zoustand vum sämtlechen Matériel beim Opbau resp. beim Afbau ze kontrolléieren; an de Schued direkt bei eis zemellen.
- Fir sämtlech Schied, Verknaschtung, Déifstaal oder Zerstéierung vum Sprangschlass oder sengen Accessoires ass de Locataire haftbar a muss fir de Schued opkommen.
- De Pompjeesmuseum dréit keng Verantwortung bei all Accident, Persouneschied oder perséinlech Matérielschied, déi beim Benotzen vum Sprangschlass a sengen Accessoires entstinn. De Locataire ass selwer fir all Schued haftbar.
- D' Sprangschlass muss op de Batschen déi matgeliewert ginn operéiert gin. Ënnert de Batschen darfen keng Steng respektif scharf Géigestänn sech befannen.

- D' Sprangschlass muss op engem riichten Ënnergronn opgeriicht ginn.
- D'Opriichten, d' Bedréiwen, den propperen Afbau mam Zesammenfalen, anstänneg Lueden vun der Remorque an den Transport ass dem Locataire seng Aufgab.  
Am aneren Fall, faalen zousätzlech Onkäschten un.
- D' Loftgebléiss muss esou opgestallt ginn, dass kee Knascht kann ugesaugt ginn. D'Usaugfläch muss ganz opbleiwen, fir dass genuch propper Loft duerchfléissen kann.
- Oppassen, dass sech Kanner net beim Gebléis ophalen. Verletzungsgefor.
- De Locataire darf weder d' Sprangschlass nach den Unhänger weiderverléinen, resp fir aner Zwecker gebrauchen.
- Am Fall vun engem Protokoll beim Transport vum Unhänger, kënnt de Locatäre fir d'Onkäschten op.
- Beim bedreiwen vum Sprangschlass muss eng Erwuessen Persoun derbäi sinn fir opzepassen.
- D' Kanner duerfen keng Aueren, Ketten, Schung oder scharf Géigenstänn bei sech droen.  
Verletzungsgefor.
- **Oppassen!!! bei Stroumausfall müssen Kanner direkt aus dem Sprangschlass gehol ginn.**
- **Bei vill Loft resp Stuerm, darf d' Sprangschlass net bedriwwen ginn. (Stecker zéien)**
- **Falls e Wieder opkënnt müssen d'Kanner erausgeholt ginn, an de Stecker zéien.**

Adress vum Sprangschlass: **Conter Guy 4a, um Këpp L-7470 Saeul**  
GSM: +352 691 639 545

w.e.g. dëss Zeilen net ausfëllen



Datum an d' Auerzäit ( afhuelen )

Plaknummer Auto + Ënnerschrëft



Datum an d'Auerzäit (zeréckbréngen)

Plaknummer Auto + Ënnerschrëft

Boer bezuelt den :

Ënnerschrëft Frënn vum Musée:

# Locatiounsvertrag

## Sprangschlass mat Transportanhänger

**Alter: 4 – 14 Joer max. 12 Kanner**



w.e.g. Folgend giel Zeilen ausfüllen an

Déi €-Zuehlen, déi net zoutreffen duerchsträichen fir op den Total zekommen. (Z.B. een Dag ze reservéieren 200€ an 2X 50€ duerchsträichen, da bléiw 130€ fir den Total).

Locatiounsvertrag zwëschent de Frënn vum Pompjeesmusée Géitz an dem

Veräin / Privatpersoun		
Hausnummer an Adress		
Uertschaft		
Kontaktpersoun		
GSM		
E-mail		
Datum: verléint fir 1 Dag 130€		130€
Datum: verléint fir 1 Weekend 200€		200€
Opriichten: 50€		50€
Afriichten: 50€		50€
Total:		€
Kontosnummer Musée	BCEE IBAN: LU65 0019 7755 3591 5000 ( neu )	
Wuer kënn d' Sprangschlass stoen (Beschréiwung)		
<b>Mat dëser Ënnerschrëft hunn ech Konditiounen duerchgelies a si mat de Konditiounen vum Sprangschlass averstan.</b>		
Datum an Ënnerschrëft		

Kontaktpersonen vun de Frënn vum Pompjeesmusée Géitz :

Conter Guy	4a, um Këpp L-7470 Saeul GSM: +352 691 639 545 Email: guyc@pt.lu
Patrick Juncker	GSM: +352 691 340 902
Molitor Jos	GSM: +352 691 802 095

